N° 7483
Entrée le 03.03.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de
l'Aménagement du territoire

Département de l'énergie

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Energie, Claude Turmes, der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, Joëlle Welfring, an der Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n°7483 vum 19. Januar 2023 vum éierewäerten Deputéierte Marc Goergen iwwer "Pompes à chaleur''**

**1. Fannen och bei der Regierung Iwwerleeunge statt, fir an Zukunft de Kaméidi iwwert ee Schallrechner ze bewäerten?**
**Falls jo, wou sinn d'Aarbechten drun, wat ass fir Lëtzebuerg geplangt a bis wéini wäert esou ee Modell fir Lëtzebuerg stoen?**
**Falls nee, firwat net?**

Wéi an der Äntwert op d'QP 6217 beschriwwen, ass de Choix vu Wärmepompele mat geréngе Schallemissiounen e Krittär, fir eng Subventioun (Klimabonus) fir eng nei Wärmepompel kënnen ze kréien (Règlement grand-ducal du 7 avril 2022 déterminant les mesures d'exécution de la loi du 23 décembre 2016 instituant un régime d'aides pour la promotion de la durabilité, de l'utilisation rationnelle de l'énergie et des énergies renouvelables dans le domaine du logement).
Mat de rezenten Upassunge vun dësem Reglement gëtt zu Lëtzebuerg e Schallrechner agefouert, deen als alternativ Method zougelooss ass, fir duerzeleeën, dass d'Schallschutz- (Immissiouns-)Grenzwäerter op der Grenz zum Noper agehale ginn.
Dëse Schallrechner gëtt fir Lëtzebuerg op Basis vum däitschen (an idem éisträicheschen) Schallrechner entwéckelt. D'Aarbechte si scho gutt fortgeschratt, an deen neie Lëtzebuerger Schallrechner wäert dem Secteur praktesch zäitgläich mat der Publikatioun vum ugepasste Reglement zur Verfügung stoen.

**2. D'Ministesch schreift an hirer Äntwert och, dass d'Gemengen eleng Kompetenz hunn, fir de Kaméidi, dee vun den Installatiounen ausgeet, ze reegelen:**
***De Kaméidi, dee vun techneschen Equipementer ausgeet, also och dee vu Wärmepompelen, kann duerch Gemengereglementatiounen gereegelt ginn.***

**Deemno kann et gutt sinn, dass eng Wärmepompel, déi ee bestëmmte Kaméidis-Wäert iwwerschreit, an enger Gemeng erlaabt ass, an där anerer awer net. Ass d'Regierung hei der Meenung, dass dës Approche déi richteg ass? Falls jo, firwat wëll een net higoen an eenheetlech technesch Reegelen um gesamten Territoire festleeën?**

Et ass esou, datt et an de Bautereglementer vu ville Gemengen elo schonn Dispositiounen zu den „équipements techniques fixes" gëtt, wourënner och Wärmepompele falen. Dobäi hu vill Gemengen sech un den aktuellen Dispositioune vum Règlement-type sur les Bâtisses, les Voies publiques et les Sites (RBVS, Bautereglement) orientéiert, d'Gemengenautonomie erlaabt et hinnen awer, déi proposéiert Dispositiounen un déi lokal Gegebenheeten unzepassen.
D'Regierung schafft aktuell un enger Upassung vun dësem Règlement-type, wou speziell och d'Thema Schallschutz a Schallimmissioune vu Wärmepompelen (betraff sinn hei haaptsächlech Loft-/Waasser-Wärmepompele mat engem Baussegerät - Artikel 69 am aktuellen RBVS vun 2018) wäert ugepasst ginn, fir de Gemengen en aktualiséierten a prezis formuléierten nationale Kader ze ginn, deen dann idealerweis vun de Gemengen, ëmmer am Respekt vun der Gemengekompetenz, an hire spezifesche Bautereglementer

ëmgesat gëtt. An deem Kontext huet och schonn en Echange mat de Klimaschäffe stattfonnt, a verschidden Echangë mat de Gemenge sinn amgaangen.

Lëtzebuerg, de 3. Mäerz 2023
(s.) Claude Turmes
Minister fir Energie